Albatrossen

Definitioun

"D'Albatrossen" si Gruppéierunge vu jonken Erwuessenen, déi zu de "Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**" gehéiere wëllen.

Dës Gruppéierunge kënne bestoen

- aus fréiere Rover, déi déi iewescht Altersgrenz vun der "Route" erreecht hun a weder Chef/taine gin nach aus dem Verband austriede wëllen;
- aus fréiere Chef/tainen déi sech nët méi sou intensiv an enger Branche asetze kënnen oder wëllen;
- aus fréiere Guidë/Scouten, déi als jonk Erwuessener nees wëllen derbäi sin;
- aus Frënn/dinnen a Partner/innen vun den uewe genannten;
- aus aneren intresséierte Fraen a Männer.

" Albatrossen" as keng Branche, huet kee Commissaire, keng Strukture vum perséinleche Fortschrëtt, kee Cheftraining.

Ziler

"D'Albatrossen" gi jonken Erwuessenen d'Méiglechkeet

- en Engagement, dat ee beim Départ als RaRo geholl huet, zesumme mat Frënn an d'Realitéit ëmzesetzen
- eppes Konkretes ze maachen wat anere Mënschen an der Emwelt notzt
- dem Guide/Scoutsgrupp an dem Verband punktuell ze hëllefen.

D'Aktivitéite vun "Albatrossen" sin am Aklank mat de Statute vun de Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**.

Memberschaft

"D'Albatrossen" sin un en normale Guiden- a Scoutsgrupp ugeschloss. Si gin op de Memberlëschte vum Grupp geféiert; si bezuelen déi selwecht Cotisatioun wéi d'"Mataarbechter" iwwer hire Grupp un de Verband.

Organisatioun

Déi "Albatrossen" kommen sou dacks zesummen wéi hir Disponibilitéit et zouléisst.

Ee vun den "Albatrossen" iwwerhëllt d'Charge als Responsabelen:

- Hien/ hatt suergt derfir, datt dat realiséiert gët, wat zesummen decideiert gin as.
- Hien/hatt gët op de Memberlëschte vum Grupp als "Chef/taine" ugemellt a kritt de "Contact".
- Hien/hatt iwwerhëlt dës Charge fir eng bestëmmt Zäit, déi am Averständnës mat de Memberen a mam Gruppechef festgeluegt gët. Et gët keng Chefernennung vum Verband ausgestalt.
- Opassen, datt nët déi aktiv Chef/tainë vun de Branchen d'Haaptchargë vun " Albatrossen" iwwerhuelen.

Um nationale Plang gët et fir " Albatrossen " eng Kontaktpersoun, déi vum Cogé bestëmmt gët. Weekender a Campénger vun "Albatrossen" gi bei der Kontaktpersoun ugemellt resp. ugefrot, an denen Délaiën, déi an de Reglementer vum Verband festgeluegt sin.

Momentan geschitt dëse Kontakt iwwer d' Verbandssekretariat.